de pefferkär

D'Alternativ fir Diddeleng

Gemengewalen 2017

Lëscht 6

Firwat sollt Där e Sonndeg d'ADR wielen?

D'ADR ass eng sozial engagéiert Partei, déi d'Wäerter, d'Kultur an d'Sprooch vum Lëtzebuerger Land vertrëtt a verdeedegt. Mir maachen eis staark dofir, datt eis Lëtzebuerger Traditiounen an eis Manéier mateneen ze liewen dem Land a senge Bierger erhale bleiwen. Net nëmmen um nationalen Niveau, mee och um kommunalen, triede mir a fir d'Rechter vum Eenzelen an de Respekt vun der Demokratie.

Eng gutt Gemengeféierung këmmert sech ëm d'Sécherheet an d'Biergerbedeelegung. D'ADR setzt sech a fir passend Sécherheetsmoossnamen an all Gemeng. Mir ginn eis net zefridden, bis all Mënsch sech hei am Land nees sécher fillt a séch iwwerall ouni Angscht beweege kann, an dëst och zu spéider Stonn. A punkto Biergerbedeelegung fanne mir et méi wéi traureg, datt bis elo Gemengepolitik dacks iwwert d'Käpp vun de Leit ewech gemaach gouf.

D'ADR wëllt d'Gemengen zesumme mat hiren Awunner gestalten, an als hir Vertrieder d'Gemeng geréieren, amplaz ze dirigéieren. Aus dësem Grond fuerdert d'ADR kloer de Referendum op kommunalem Niveau a mécht sech staark géint Korruptioun a Vetternwirtschaft an der Politik. Zesumme mat den Awunner wëlle mir eng Gemeng schafen an erhalen, déi net just bewunnbar ass, mee och déi néideg Liewensqualitéit bitt. Dëst mat engem Wunnraum, deen d'Leit sech leeschte kënnen, ouni dofir mussen u Liewensqualitéit anzebéissen.

ADR an der Gemeng: zesumme mat den Awunner!

D'ADR mécht Politik, déi sech no de Bedierfnesser vun de Leit riicht an net ëmgedréint. Mir sinn dofir fir eng realistesch an effizient Ëmweltpolitik, déi net duerch realitéitsfriem Normen a Virschrëften de Leit an der Gemeng d'Bezuele vu Wunnraum onméiglech mécht. D'ADR wäert beim Erhale vu wäertvoller Bausubstanz hëllefen, an net d'Renovéieren an d'Baue mat iwwerspëtzte Reglementer onméiglech maachen. D'ADR mécht Politik fir d'Leit a mat de Leit.

Weider nach wëlle mir verhënneren, datt de Staat iwwert de Käpp vun de Gemengen ewech Entscheedungen trëfft, mat deenen d'Gemengen an hir Awunner direkt konfrontéiert sinn. Sou wäerte mir et net hinhuelen, datt de Stat, ouni der Gemeng an hiren Awunner hiert Zoustëmmen, e Flüchtlingsfoyer an der Gemeng ariicht.

Mir als ADR maachen eng kanner- a familjefrëndlech Gemengepolitik. Mir fërderen héichwäerteg Crèchen, fuerderen awer, datt d'Elteren och ëmmer d'Méiglechkeet hunn, hir Kanner mat der néideger Zäit an Opmierksamkeet doheem erzéien ze kënnen. Mir sti fir eng Gemengeféierung, déi maximal sozial ass, bei där kee Mënsch vergiess gëtt, och net eis eeler Matbierger, déi mat Krankheet oder Behënnerung.

Finanzen: kompetent a sozial verwalt!

D'ADR wäert sech dofir staark maachen, datt d'Gemengefinanze kompetent, sozial a mat Verstand gereegelt ginn. Da kënnt et net zu deenen onnëtzen an onsozialen Erhéijunge vun Taxen. Bestoend Taxe wäerte mir no soziale Kritären upassen, sou datt et hei eng méi gerecht Verdeelung wäert ginn. Deementspriechend géinge mir dofir suergen, datt d'Waassertax sozial berechent gëtt.

Sou hätt all Awunner pro Joer e gratis Waassersockel op de Kapp zegutt, an duerno gëtt de Waasserverbrauch mat enger progressiv gestaffelter Tax berechent. Domat hätt all Bierger säin néidege Grondverbrauch u Waasser ofgedeckt – schliisslech handelt et sech hei ëm e mënschlecht Grondbedierfnes. Esou eng progressiv Präisstaffelung géing awer gläichzäiteg verhënneren, datt déi liewenswichteg Ëmweltressource ouni nozedenke géing verbëtzt ginn.

ADR: jonk a couragéiert

D'ADR ass eng jonk a couragéiert Partei, déi hir Iddien net just a schéine Sondesriede versprécht, mee och wierklech duerchsetzt a sech honnertprozenteg fir hir Gemeng asetzt.

Duerfir:

Den 8. Oktober all Stëmm fir d'ADR. Fir eng besser Gemeng. ADR – déi richteg Alternativ!

Inhaltsverzeechnes

Firwat sollt Där e Sonndeg d'ADR wielen? **Säit 1**

Gratis ëffentlechen Transport a keng Autos-Schikanen
Politesch Schäinhellegkeet an der Wuesstemsfal **Säit 2**

Bezuelbare Wunnraum mat Kapp a Verstand!
Fir datt all Bierger a senger Gemeng ka matschwätzen!
6 Prioritéite fir eis Gemeng
Beim Zuch- a Busabonnement hëllefen ...
Taxe si kee Buch mat siwe Sigelen **Säit 3**

Ëffentlech Sécherheet ass Sécherheet fir Jiddereen!
Sécherheet fir Foussgänger
Member-Formular **Säit 4**

Zuch an d'Stad: Wann d'Diddelenger Deputéiert géint hir Stad stëmmen
Richteg wielen! **Säit 5**

De Rettungsdéngscht a sécher Gebaier
Wat sinn d'Alternative fir Är Gemeng
Eng jugendlech Gemeng
Historesch an architektonesch Schätz fleegen! **Säit 6**

30 Fudder Waasser gratis op de Kapp géint deier "gréng" Gemengepolitik
D'Regierung reift sech d'Hänn **Säit 7**

Eis Kandidate fir Är Gemeng **Säit 8**

Politesch Schäinhellegkeet an der Wuesstemsfal

Wat kloen eis Gemengepolitiker zu Beetebuerg an och an aner Uertschaften! A wat stëmmen si an der Chamber äifreg fir eng Politik, déi de gréissten Deel vun deene Problemer ausléist!

Anescht wéi aner Länner wiisst d'Wirtschaft zu Lëtzebuerg och a Krisenzäiten. Dat ass eent vun den Haaptziler vun der Lëtzebuerger Politik, en Zil, dat een awer méi genee misst ënnert d'Lupp huelen.

Esouguer a Kriisejoren ginn zu Lëtzebuerg nach eng 10.000 Aarbechtsplaze geschafen, a bei véier Prozent Wirtschaftswuesstem sinn et der gutt 15.000.

De Gros vun deene Aarbechtsplaze gëtt vu Grenzgänger besat, well hei am Land anscheinend déi néideg Qualifikatioune feelen. 80 Prozent vun de Grenzgänger komme mam Auto op hir Aarbecht, well den ëffentlechen Transport net déi néideg Kapazitéiten huet oder well si net mam ëffentlechen Transport vun doheem op hir Aarbecht kommen. Dat mécht am Schnëtt ronn 8.000 zousätzlech Autoe pro Joer aus. Een Auto bedeit sechs Meter am Stau. An anere Wierder gëtt eist Stroossenetz mat 8.000 Autoen mat bal 50 Kilometer Stau weider belaascht - iwwer den Dag verdeelt.

Wa mer eng Politik maachen vu weiderem stramme Wuesstem gëtt de Verkéierschaos vun Dag zu Dag méi grouss an déi eenzel Stied an Uertschaften mat Autoslawinen erstéckt.

Genausou verhält et sech mat der Wunnengsproblematik. Wa mir esou vill Aarbechtsplaze schaafen an d'Leit all Dag am Stau stinn, ass et eng logesch Konsequenz, datt déi méi no bei hir Aarbecht wëlle wunne kommen. Duerfir gëtt den Drock op de Wunnengsmaart vu Joer zu Joer méi grouss, an d'Präisser, wéi an de leschte Joeren, praktesch ëm 5 Prozent pro Joer klammen.

Net nëmme ginn duerch Industriezonen d'Wisen zoubetonéiert, mee dës Politik dréit och nach zu engem zousätzleche Verkéiersopkomme bäi. Mat dëser Politik wäert an de nächste Joeren am Raum Beetebuerg-Diddeleng de Verkéierschaos vun Dag zu Dag méi grouss ginn.

Schäinhelleg ass et duerfir, wann d'Parteipolitiker vu Beetebuerg an Diddeleng versichen, sech de schéine Männchen bei hire Bierger ze maachen, a sech opreegen iwwer de Verkéierschaos, deen Dag fir Dag an dësen Uertschafte méi grouss gëtt.

Et sinn awer déi nämmlecht Politiker, déi op Gemengeplang matdecidéiert hunn, déi Industriezonen do ze implantéieren an op nationalem Plang als Deputéierten d'Politik vun engem maximale Wuesstem blannemänneches ënnerstëtzen.

D'Begeeschterung iwwer d'Containerland hält sech zu Diddeleng a Grenzen

Gratis ëffentlechen Transport a keng Autos-Schikanen

Iwwert déi nei Niddeschgaass wäerten d'Autoschauffeuren knouteren ... wann de Bus kënnt gëtt et enk ...

De Verkéier zu Lëtzebuerg gëtt ëmmer méi schlëmm. D'Gemeng muss e séchert a gläichberechtegt Matenee vun alle Verkéiersteilnehmer garantéieren.

D'ADR huet eng kloer Linn a Saachen ëffentlechen Transport

- Mir trieden a fir gratis ëffentlechen Transport fir jiddereen.
- Gemengenefforten fir den ëffentlechen Transport musse vum Stat ënnerstëtzt ginn.
- Den Tram ass keng Solutioun vum Verkéiersproblem a mir si géint d'Ubanne vu weideren Uertschaften.
- Gemenge solle sech esou effikass wéi méiglech a regionale Reseauen verbannen, dat an enker Ofsprooch mat den Awunner. All Mënsch muss och no der Owes-Virstellung am Kino (also bis Hallefnuecht) nach gutt mam ëffentlechen Transport heem kommen.
- D'Awunner sollen zum Beispill iwwer d'Zuel an d'Plaz vun den Haltestellen an och iwwer d'Organisatioun vum Schoultransport kënne matschwätzen.
- Iwwerwaachungskameraen a Bussen an Zich maachen den ëffentlechen Transport méi sécher.
- Individualverkéier muss eng Wiel bleiwen

Dräi Véirel vun den Trajeten am Land gi mam privaten Auto gemaach. Et ass net un enger Gemeng oder um Stat, dëse private Choix ze kontesteieren oder ze beaflossen.

Individualverkéier bleift eng Wiel fir de Bierger!

D'ADR ass géint Schikanen fir Autofuerer (iwwerdriwwen Verkéiersberouegung, kënschtlech Verknappung an Iwwerdeierung vu Parkméiglechkeeten, ze knappe Parking résidentiel, ze penibel Kontroll vu Parkziedelen op d'Sekonn ...).

Null Toleranz erwaart deen Automobilist, deen ze séier an der Uertschaft ass, récksiichtslos parkt oder nuets onnéideg Kaméidi mam Auot mécht.

Null Toleranz gëllt fir Foussgänger a Vëloen, déi sech net un d'Verkéiersreegelen halen.

Onnéideg geféierlech Situatioune (Bus- oder Vëlosspueren a Géigerichtung an Einbahnstroossen, Vëlosspueren op Trëttoiren an a Foussgängerzonen …) wäert d'ADR net bestoe loossen.

Mir garantéieren

- en Ausnotze vum ganze méigleche Parkraum vun der Uertschaft
- eng Reglementéierung vum Parke vu Betribscamionnetten ausserhalb vu Wunnzonen;
- fléissende Verkéier op den Haaptverkéiersachsen an d'Uertschaft an aus der Uertschaft mat, wann néideg, entspriechende Contournementen;
- verkéiersberouegt Wunnquartieren;
- gudd Stroosseninfrastruktur a gutt Verkéiersweeër, an dat och fir Foussgänger a Vëlofuerer.

De Vëlo ass an deene meeschte Fäll méi e Sport- a Fräizäitgefier wéi e Fortbeweegungsmëttel fir schaffen oder akafen ze fueren. Deementspriechend sollte Vëlospisten och méi regional an touristesch gesinn an ausgebaut ginn.

Vëlosservicer, wéi si a verschiddenen Uertschaften bestinn, géinge vun eis op hiren Notzen an hir Käschte gepréift ginn. Och de Sécherheetsrisiko duerch ongeübte Vëlosfuerer, de récksiichtslosen Asaz a Foussgängerzonen, d'Benotze vum Vëlo als Spillsaach an de Vandalismus, deem dës Gefierer ausgesat sinn, sollen ënnersicht ginn.

Bezuelbare Wunnraum mat Kapp a Verstand!

Wat kann d'Gemeng maachen fir hiren Awunner genuch Wunnengen zu engem bezuelbare Präis ze bezuelen. Si huet zwou Zorte Klientel: Leit, déi genuch Mëttelen, fir eng eege Wunneng ze finanzéieren oder ze lounen, a Leit, déi ganz reell finanziell Schwieregkeeten hunn, fir um ugespaante Lëtzebuerger Wunnengsmaart en Daach iwwert dem Kapp ze fannen. Leit, déi an enger Gemeng lounen, sollte sech kënnen op eng gudd funktionéierend Loyerskommissioun verloossen, déi mat duerfir suergt, datt si net ze deier bezuele mussen.

Moossname fir Leit mat klengem Akommes

All Gemeng soll fir sech e gewësse Prozentsaz u gutt iwwer d'Quartiere verdeelte Sozialwunnengen festleeën fir keng "Ghettoen" ze schafen. Gemenge mat ville Suen kënnen an e Fong fir soziale Wunnengsbau investéieren.

- D'Prozedur fir eng sozial Wunneng zougedeelt ze kréien, muss transparent sinn, esou datt jiddereen ka wëssen, wéini him ka gehollef ginn.
- D'Gemeng soll hire Bierger awer och hëllefe Proprietär ze ginn, z.B. mat Bankgarantien.
- „Portage foncier" ass besser wéi "Bail emphythéotique". Beim Portage gëtt de Bauterrain fir e symbolesche Betrag gelount, de Kafpräis erfällt no e puer Joer, wann zum Beispill de Bau vum Haus bezuelt ass.

Bei gréissere Projeten am soziale Wunnengsbau soll en Deel Wunnengen fir Leit reservéiert sinn, déi net genuch verdéngen, fir eleng ze bauen, awer zevill, fir vum Stat gehollef ze kréien.

Moossname fir Leit, déi bauen oder kafen

- D'Bauufuerderungen däerfen de Präis vum Bau net iwwerdriwwen an den Himmel dreiwen. Eng Gemeng däerf net den Haustyp (Passivhaus) bestëmmen.
- D'ADR ass géint staatlechen Zwang an Amëschen a privat Affären: Dat geëllt och fir d'Virkafsrecht vun der Gemeng, fir Baulücken an eidel Wunnengen. Proprietären däerfen vun hirer Gemeng net gediirengelt ginn, mee si sollen iwwerzeegt ginn.
- Verkeeft d'Gemeng eegen Terrainen um fräie Wunnengsmaart, däerf si net Maartpräisser froen. Si muss hëllefen, de Präis vum Bauland bezuelbar ze maachen.

Dat traditionellt Lëtzebuerger Bild vum eegenen Eefamilljenhaus ass fir vill Leit net méi ze bezuelen. Dat wäert de Charakter vun eisen Uertschaften änneren. D'Gemeng muss awer oppassen, datt hire Charakter net vëlleg entstallt gëtt. Si muss kucken fir ënnert dem Bevëlkerungsdrock natierlech ze wuessen a weider Liewensqualitéit ze bidden. Si däerf net zur Schlofgemeng oder zur Wunnsiddlung ouni Séil ginn.

Bezuelbare Wunnraum schafen ass eng Herausfuerderung, och zu Diddeleng.

Fir datt all Bierger a senger Gemeng ka matschwätzen!

D'politescht Matsproocherecht vum eenzele Bierger ass fir d'ADR ganz wichteg. Mir stinn dofir an, datt déi direkt politesch Bedeelegung an d'Transparenz an der Gemeng erhalen a weider ausgebaut gëtt, andeems:

- de lokale Referendum mat vereinfachte Modalitéiten erméiglecht gëtt
- d'Bierger gutt a korrekt informéiert ginn, ënner anerem duerch:
  - ◊ d'Internetiwwerdroung an d'Archivéiere vu Gemengerotsëtzungen
  - ◊ objektiv a politesch neutral Berichter vun de Gemengesëtzunge fir all Stot an dat net eréischt Méint no der Sëtzung
  - ◊ ëffentlech Informatiounsversammlunge viru grousse Projeten a wichtegen Entscheedungen
  - ◊ e lokalen Televisounskanal vun der Gemeng iwwer Kabel-TV an/oder Internet

Der ADR no muss den Déngscht um Bierger fir d'Gemeng un éischter Plaz stoen. Dowéinst këmmere mir eis dorëm, datt d'Gemeng

- Verwaltungsweeër esou einfach wéi méiglech mécht
- och baussent „normalen" Bürosstonne fir dës Demarchen op ass
- och fir staatlech Verwaltunge Biergerfroen entgéinthuelen an dobäi berode kann
- méiglechst vill Demarchen och iwwer Internet ubitt
- nieft dem online-Format ëmmer och d'Pabeierformat ubitt.

6 Prioritéite fir eis Gemeng

1. Bezuelbaart Wunnen: D'ADR huet konkret Solutioune fir d'Gemeng!
2. Ëffentlech Sécherheet heescht Sécherheet fir jiddereen: Eis Gemenge brauche méi Police, eis Bierger brauche Kommissariater, do, wou si wunnen.
3. Mobilitéit ouni Dirigismus: D'Gemeng organiséiert de Matenee vun Auto, Fousgänger a Vëlo. Si mécht net de Choix vum Verkéiersmëttel.
4. Famillje mat Kanner beschtméiglech ënnerstëtzen: Mir brauchen Uertschaften, wou Kanner sech kënne wuelfillen an entfalen.
5. D'Lëtzebuerger Sprooch als wichtegst Mëttel zur Integratioun: Un der Gemeng ass et, eis Sprooch ze verbreeden.
6. Flüchtlingen ophuelen, mat Häerz awer OCH mat Verstand: D'Gemeng muss an dëser Fro matschwätzen an d'Decisiounen däerfen net iwwer d'Käpp vun de Bierger ewech geholl ginn.

Taxe si kee Buch mat siwe Sigelen

Bei den Taxen vun der Gemeng muss ee studéiert hunn fir ze verstoen, wéi de Präis sech zesummesetzt. D'ADR trëtt a fir Tariffer, déi all Mënsch ka novollzéien.

Et kéint och bei der Sich no enger neier Wunneng en Argument sinn, wann all Gemeng kéint annoncéieren, wat de Liter Waasser kascht oder de Kilo Offall an der Dréckskëscht. Et gëtt kee Grond, firwat d'Supermarchéën mussen transparent Kilos- a Literpräisser affichéieren an d'Gemengen net.

Beim Zuch- a Busabonnement hëllefen ...

Mir fuerderen, datt den ëffentlechen Transport gratis gëtt. Esou laang dat net de Fall ass, soll sécher gestallt sinn, datt déi Leit, déi sech net esou gutt stinn, esou mann wéi méiglech fir Zuch a Bus bezuelen.

Fir si ass ee Joresabonnement e ganz deiert Investissement. Dat ass awer 160 Euro méi bëlleg wéi 12 Mount-Aboën. Dofir wäert all Gemeng, wou d'ADR eppes ze soen huet, d'Jores-Abonnement finanzéieren hëllefen. Et kann da kamoud am Laf vum Joer zréckbezuelt ginn ...

De Picky erënnert sech:
D'Sozialistesch Aarbechterpartei ass d'Partei vu gëschter. An et stëmmt: spéitstens iwwermuer gëtt d'LSAP net méi gebraucht.

Sécherheet fir Foussgänger

D'Foussgänger sinn am Verkéier dacks déi Domm. Nei Forme vum Matenee am Verkéier (Shared Space, Foussgängerzonen mat Vëlos-Trafic …) a nei Forme vun der Fortbeweegung (Gefierer mat elektresche Motoren) bréngen hinnen zousätzlech Geforen. D'ADR wäert esou geféierlech Situatiounen genee analyséieren.

Fir eis sinn eng Foussgängerzone oder en Trëttoir net do fir Konschten um Vëlo ze maachen. Mee och a gemëschten Zonen soll kee mutwëlleg behënnert ginn. E Foussgänger soll do esou séier wéi méiglech iwwer d'Strooss goen an net onnéideg trentelen, wann aner Verkéiersdeelhueler waarden.

Besonnesch wäerte mär préifen, ob Einbahnstroossen, an deene Veloën däerfen an zwou Richtunge fueren, wierklech Viirdeeler brengen oder just en onnéidege Geforepunkt sinn. Mir hätte gär méi Respekt am Verkéier a gezilt Police-Aktiounen fir dat duerchzesetzen.

adr:
Alternativ Demokratesch Reformpartei

D'Alternativ fir Är Gemeng!

www.adr.lu

Ëffentlech Sécherheet ass Sécherheet fir Jiddereen!

All Mënsch huet e Recht drop, sech a sengem Land, senger Gemeng a sengem Heem sécher ze fillen! Dofir mussen de Stat an d'Gemeng enk zesummeschaffen. Bei der Zesummenaarbecht muss d'Gewiicht vun der Gemeng awer rëm méi stark ginn, well dës am nooste mam Bierger a Kontakt steet. Dofir setze mir eis dofir an, datt

- de Stat an d'Gemeng Hand an Hand schaffen
- Themen, wéi z.B. d'Burka-Verbuet, déi just national an eenheetlech kënne gereegelt ginn, net däerfen op d'Gemengen ofgewänzelt ginn
- D'Zesummenaarbecht tëscht der Gemeng an der Police muss awer och méi enk ginn

Hei maache mir eis staark dofir, datt d'Gemeng:

- zesumme mat der Police a mat senge Bierger e lokale Sécherheetsplang ausschafft, dee reegelméisseg op seng Effikassitéit iwwerpréift gëtt
- méi e grousst Matsproocherecht bei der Policepräsenz huet, mat Berécksiichtegung vu de kommunale Policereglementer

D'Police muss méi no bei de Bierger. Si soll méi eng grouss Präsenz um Terrain weisen an et däerf net zu rechtsfräien Zone kommen, wou d'Police net higeet. Dofir setze mir eis dofir an, datt

- d'Police déi néideg Moyenen (z.B. de Plazverweis) a genuch Leit huet, fir agéieren ze kënnen
- a méi onrouege Quartiere Kommissariater kommen, déi 24 op 24 Stonne besat a fir d'Bierger accessibel sinn
- d'Police, wann si et wënscht, adequat Lokaler vun der Gemeng zur Verfügung gestallt kritt
- op besonnesch sensibelen, ëffentleche Plaze Kameraen installéiert ginn, awer ënner strengen Oplagen a mat Respekt virun der Privatsphär

D'ADR wäert sech weiderhi fir d'Konzept vun enger Noperschaftspolice asetzen.

Aarmut an organiséiert Heeschen

D'ADR suergt dofir, datt d'Gemeng efficace Méiglechkeete kritt, fir organiséiert Heescherei, sou wéi aggressiivt Biedelen ze verbidden. D'fräit Zirkuléiere vun den Bierger an Europa gëllt, wann dës genuch eege Mëttelen hunn, fir hir Existenz ofzesécheren. Dëst soll och um kommunale Plang agehale ginn. Fir dat ëmsetzen ze kënnen, mécht sech d'ADR staark, fir datt d'Police

- mat der Ënnerstëtzung vun der Justiz an eventuell vun der Douane, déi néideg Moyene kritt, fir dat organiséiert Heeschen an de Grëff ze kréien
- gewësse Leit e Plazverweis ka ginn, woumat hinnen den Openthalt op bestëmmte Plazen verbuede gëtt
- dës Dispositioun net just bei organiséierten Heeschebanden oder bei aggressivem Biedelen uwende kann, mee och géint aner Banden, kriminell Organisatiounen an Drogendealer virgoe kann

Nëmmen esou Moossnamen an deen néidege gesetzelche Kader kënnen zu enger Verbesserung vun der ëffentlecher Sécherheet féieren.

Der Aarmut muss anescht entgéintgewierkt ginn, wéi Heeschen als e Mënscherecht ze deklaréieren. Fir d'ADR kann dëst keng Léisung sinn. Dofir ënnerstëtze mir – net just op nationalem, mee och op kommunalem Plang – datt Leit an Nout, déi e Recht hunn, hei am Land ze sinn, gehollef kréien. Als méiglech Moossnamen, gesi mir vir, datt déi Betraffen

- en Ënnerdaach an en würdegt Liewen erméiglecht kréien, z.B. mat betreitem Wunnen, Nuetsfoyeren, Vollekskichen, Kaffis- an Téistuffen
- déi an enger spezieller Situatioun sinn, – Koppelen, Leit mat Kanner oder mat Hënn, asw. – gëeegent Léisunge musse proposéiert kréien
- och op kommunalem Plang vu besser koordinéierten zoustännegen Organisatiounen betreit ginn

Mat esou Moossname viséiere mir, d'Leit „déi op der Strooss liewen" nees an d'Gesellschaft ze integréieren, mat enger Wunneng, enger Aarbecht, an enger reeller Liewensperspektiv.

---------- ausschneiden an un ADR 20, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken ----------

Gidd Member an der ADR, a frot och Aër Familljemembren a Frënn, fir Member ze ginn.

De Joresbeitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

Numm & Virnumm: .....

Adress: .....

.....

Telefon: .....

Email: .....

de pefferkär

Oplag: 8.450
Verantwortlech fir dëse Pefferkär
fir d'Gemeng Diddeleng ass d'Alternativ Demokratesch Reformpartei
22, rue de l'Eau
L-1449 Lëtzebuerg

www.adr.lu

Zuch an d'Stad: Wann d'Diddelenger Deputéiert géint hir Stad stëmmen

De 6. Juli 2017, huet d'Chamber Diddeleng, Keel a Rëmeleng verroden. Déi dräi Gemengen haten sech am Mee géint eng Decisioun vum Betongsminister François Bausch, deen och fir Transport zoustänneg ass, gewiert.

Si hate mat Resolutioune verlaangt, deem seng Decisioun, direkt Zuchlinne vu Wuermereng (iwwer Diddeleng) an Ëtteng (iwwer Rëmeleng) an d'Stad ze stoppen, nach eng Kéier ze iwwerdenken. Fir déi Gemengen ze ënnerstëtzen, hat den Deputéierten Gast Gibéryen fir d'ADR an der Chamber eng Motioun gemaach, déi genee d'Fuerderunge vun deenen dräi Gemengen erëmginn huet, esou wéi si dat an hire Resolutiounen stoen haten.

Just d'Motioun hätt de Bausch forcéiert ...

Eng Motioun, déi an der Chamber ugeholl gëtt, forcéiert praktesch dee Minister, dee betraff ass, dat ze maachen, wat d'Deputéiert vun him verlaangen. Si ass domat vill méi wierkungsvoll wéi eng Gemengeresolutioun, déi e Minister emol net muss liesen an déi hie kann am Tirang verschwanne loossen.

Domat ass si och vill méi wierksam wéi eng lokal Petitioun, wéi déi, déi d'LSAP zu Diddeleng esou fläisseg zirkuléiere gelooss huet, fir d'direkt Verbindungen an d'Stad ze „retten".

Wou an deenen dräi Gemengeréit all Parteien fir d'Resolutioun gestëmmt hunn, déi zu Diddeleng vum Josiane Ries virbruecht gi war, war et an der Chamber op eemol anescht, wéi et ëm d'Motioun vum Gast Gibéryen gaang ass.

Bei der Ofstëmmung blaméiert hu sech d'LSAP, mee grad esou d'CSV, d'DP an Déi Gréng. Si stëmmen an an der Gemeng fir eppes awer an der Chamber dergéint an trëppelen esou déi berechtegt Interesse vun hire lokale Sektioune mat Féiss. Der Chamber hätt de gréngen Transportminister misse follegen, iwwer d'Gemengewënsch kann hie sech ewechsetzen.

Deen eenzege Wee fir ze verhënneren, datt sech d'Transportsituatioun zu Diddeleng an zu Rëmeleng staark verschlechtert, huet d'Chamber mat engem Vote vu 54 Nee-Stëmmen (CSV a Gambia) géint 5 Jo-Stëmmen (ADR an Déi Lénk) ënnerbonnen.

Diddelenger Deputéiert géint Diddeleng?

Mars di Bartolomeo, Alex Bodry a Claudia Dall'Agnol hunn als LSAP an der Chamber schéi brav fir Gambia a géint Diddeleng gestëmmt. Dobäi hat d'Madame vum Chamberspresident, d'Josiane di Bartolomeo-Ries, zu Diddeleng d'Resolutioun verfaasst, déi dat nämmlecht verlaangt hat, wat de Gast Gibéryen an der Chamber wollt duerchsetzen. Hire Mann huet awer dergéint gestëmmt. D'Claudia Dall'Agnol hat als Schäffe vun der Stad Diddeleng fir d'LSAP-Resolutioun gestëmmt, ass awer eréischt an d'Chamber komm, wéi de Vote eriwwer war. Si hat engem Parteikolleg Procuratioun ginn fir mat Nee ze stëmmen.

D'Sylvie Andrich-Duval (CSV) ass fir dee ganze Punkt aus dem Sall gaang an huet feigerweis net um Vote deelgeholl. Firwat d'CSV net mat Jo gestëmmt huet, bleift hirt Geheimnis. Zwar weess een, wéi sympathesch hir Gambia ass a wéi si sech drop freet, mat deene gréngen Unfug-Ministeren déi nächst Regierung ze maachen. Mee datt déi Léift haut schonn esou staark wier, datt si duerfir eng ganz Stad géing verroden, war dach eng Iwwerraschung.

Fir de léiwe Fridden an der onbeléiwter Gambia-Regierungskoalitioun, hunn déi Diddelenger Deputéierte geschléckt, (vläicht) eng Fauscht an der Täsch gemaach an den iwwerfuerderten gréngen Transportminister a Schutz geholl. De François Bausch wëll zwar ëmmer méi ëffentlechen Transport, mee hie gëtt scho mat de Passagéier, déi d'CFL an d'Bussen haut hunn, net eens. A fir déi vill Verspéidunge bei der Bunn an de Grëff ze kréien, schaaft hien einfach Verbindungen of. Ass dat gréng Logik?

Den Diddelenger Buergermeeschter Dan Biancalana wousst iwwregens schon den 2. Mee vum CFL-Fiasko. Opgereegt huet sech dunn awer just den Diddelenger ADR-Conseiller Vic Haas, deen de Schäfferot den 3. Mee mat enger schrëftlecher Fro viru seng Verantwortung gestallt huet. Op der Diddelenger Braderie, de 6. Mee, hat d'ADR grousse Succès mat deem Thema an eréischt dunn ass d'LSAP erwächt. Pressekomunikeeën, Pressekonferenzen, Petitiounslëschte sinn op eemol zu Diddeleng zirkuléiert a Resolutiounen am Gemengerot gestëmmt ginn.

Alles fir dem Bierger Sand an d'Aen ze streeën, well an der Chamber maachen déi rout an déi schwaarz Politiker de Konträr vun deem, wat si zu Diddeleng priedegen. A si ware sech net ze schued fir och nodeems si géint d'ADR-Motioun gestëmmt haten, hir Petitioun weider ronderëm goen ze loossen.

En Zuch, bei deem vill Diddelenger Politiker hirt Gesiicht verluer hunn ...

Richteg wielen!

Där wëllt der ADR bei dëse Gemengewalen esou gutt wéi méiglech hëllefen? Eise Walsystem erlaabt Iech dat op zwou Manéieren:

Am einfachsten a séchersten ass ët, de Krees iwwer der ADR-Lëscht schwaarz ze maachen. Esou stellt Där sécher, datt keng Stëmm fir d'ADR verluer geet. Dir hëlleft allen ADR-Kandidate gläicher Moossen.

Wann Där awer ee besser kennt oder besonnesch gutt fannt, kënnt Där Ärem Wonschkandidat och zwou Stëmme ginn. Duerno fänkt dann d'Zielen un: An de Kästecher hannert de Kandidaten kënnt Dir am ganze 19 Kräizer verdeelen, dann hutt Där Äre Stëmmemaximum erreecht. De Krees däerft Där dann NET méi markéieren.

adr

A.D.R - Alternativ Demokratesch Reformpartei

Haas Vic		
Block Maggy		
Bouchard Guy		
Bouchard-Kaspar Sandra		
Büchler Maurice		
Contins Antonio		
Dos Santos João		
Fernandes de Almeida Helena		
Freitas da Costa Julia		
Gibéryen Alain		
Kaysen Jean		
Kraemer Pierre		
Lauer Willy		
Mich Sandra		
Neto João		
Schmit Michèle		
Turmes Manuel		
Villwock Bernard		
Ziger Eugène		

Matschaffen!

Froen?

Ureegungen!

Hutt Dir Froen oder Ureegungen oder wëllt Dir bei ons aktiv matschaffen, dann zéckt net a rufft un, ënner der Nummer:

+352 26 20 37 06

Eng jugendlech Gemeng

D'Drogeproblematik bei der Jugend bleift leider aktuell. Si stellt sozial an och gesondheetlech, fir de Betraffenen a fir seng Famill a säin Ëmfeld e grousse Problem duer.

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Gemeng e spezielle Service schaaft, deen déi betraffe Jugend opfänkt. Dëse Service soll eng diskret Ulafstell bidden, wou betraffe Jugendlecher an hiert Ëmfeld sech kënne beroden an hëllefe loossen. Mir wäerten och Selbsthëllefgruppen an der Gemeng förderen a probéieren, hinnen diskret Versammlungsméiglechkeeten ze ginn.

Mir suergen dofir, datt et en aktiivt Jugendhaus gëtt, wou Jonker sech entfale a beschäftege kënnen, mat Hëllef vun Educateuren, wa si dat wëllen.

Historesch an architektonesch Schätz fleegen!



Diddeleng bitt vill: Mat därer Ierwschaft heescht et, respektvoll ëmgoen

Der ADR ass et wichteg, datt eng bestëmmte Liewensqualitéit an der Gemeng ginn ass. Dëst steet am direkten Zesummenhang domat, datt en Ëmfeld erhalen oder geschaf gëtt, an deem d'Leit sech kënne wuelfillen. Dozou gehéiert och d'Erhale vun eiser traditioneller Bausubstanz a vum Charakter vun de Stied an Dierfer. Schliisslech ass dëst – nieft der Lëtzebuerger Sprooch – e wichtegen Aspekt vun eiser Identitéit.

Mir setzen eis dofir an, dat

- regional-typesch Gebaier a Bausubstanze mat kulturellem Wäert erhale ginn
- et kommunal Subside ginn, fir d'Renovatioun an d'Sanéierung
- d'Gemeng, wann néideg, wäertvoll Gebaier keeft, fir den Erhalt ze sécheren
- d'Bierger fir déi kulturell Schätz vun hirer Uertschaft sensibiliséiert ginn
- d'Gemeng dofir suergt, datt historesch Plazen net duerch onpassend Konstruktioune verschampeléiert ginn
- mat kierchleche Bausubstanze verantwortungsvoll a respektvoll ëmgaange gëtt

De Rettungsdéngscht a sécher Gebaier ...

Och nuets ouni Angscht duerch de Park jabelen: Dat zeechent eng Uertschaft aus ...

D'ëffentlech Ariichtunge vun enger Uertschaft kënne Schutz bidden an zur Sécherheet bäidroen, wa si bestëmmte Konditiounen erfëllen. Dowéinst setzt sech d'ADR an der Gemeng dofir an, datt

- urban Miwwelen (Busarrêten, Bänken asw.) op ëffentleche Plazen op eng Manéier ugeluecht sinn, déi weder donkel Gestalten nach Vandalen ulackelt
- ëffentlech Gebaier, (d'Gemeng, d'Schoulen, asw.) duerch technesch Moossname wéi Alarmanlagen oder duerch d'Präsenz vu Personal geschützt ginn

Och de Rettungsdéngscht spillt eng Roll bei der Sécherheet. Oft si Mënschen an Noutfäll – wou et net seelen ëm Liewen an Dout geet – op hir Präsenz a qualifizéiert Hëllefsleeschtungen ugewisen. Eng national Reform vum Pompjees- a Rettungswiesen ass beschloss an an der Maach. D'ADR begréisst déi grouss Prinzipie vun dëser Reform, awer mir maachen eis och staark dofir, datt

- d'Gemeng hei net u Responabilitéit verléiert, andeems eng ganz Rei vun de Gemengenaufgaben op den nationale Plang iwwerdroe ginn
- d'Pompjeesveräiner an deenen eenzelen Dierfer a Quartieren bestoe bleiwen, fir weiderhi méiglechst vill Fräiwëlleger am Rettungsdéngscht ze hunn
- dës lokal Kräfte Ënnertstëtzung kréien, fir Aktivitéiten an der Gemeng ze organiséieren

Pompjees- a Rettungswiese si fir d'ADR e wichtege Bestanddeel vun der lokaler Sécherheet. Dofir sollen dës Kräfte an eisen Aen déi néideg Ënnerstëtzung kréien, fir sech beschtméiglechst op lokalem Terrain organiséieren ze kënnen.

Wat sinn d'Alternative fir Är Gemeng?

Mir stellen an der Gemeng déi richteg Froen: Wat notzen zum Beispill déi bescht Reglementer, wann net genuch Police d'Sécherheet ka garantéieren?

D'ADR ass och géint d'staatlecht Ariichte vu Flüchtlingsfoyeren, ouni datt d'Gemeng an hir Bierger gefrot ginn. Beim Wunnengsbau weess d'Gemeng besser wéi de Stat, wou séier ka Wunnraum geschaf ginn.

D'Gemeng ass do, fir hire Bierger d'Liewen einfach ze maachen. Un d'Beruffs- a Privatliewen ugepassten Ëffnungszäiten, "Guichet unique"-Funktioune fir staatlech a kommunal Froen an Internet-Interaktivitéit sinn do néideg.

Op de Gesondheetsniveau iwwerdroen: Eng ADR-Gemeng wäert Drock maachen fir mat regionalen Dokteschhaiser (an hiren Hausapdikten) eng zäitgeméiss Versuergung, déi de berufflechen a familiäre Besoine vun de Bierger entsprécht, ze organiséieren.

D'Gestioun vun de Gemengefinanze „en bon père de famille" heescht, datt Kreditter just fir konkret Investitioune opgeholl ginn.

Et ass net un der Gemeng, z. B. iwwer intelligent Compteuren, den Energiekonsum vun hire Bierger auszespionéieren.

Realistesche Klimaschutz ass eng Gemengeprioritéit: D'Nodeeler vun erneierbaren Energien – Kaméidi, Ästhetik, Schied an der Natur, finanziell Auswierkungen – däerfen net op de Bierger oder Betriber ofgewänzelt ginn.

D'Gemeng ass awer net do fir hir Bierger duerch héich Taxen ze zillen oder duerch eng Verknappung vu Parkplatzen, onsënneg Reglementer an aner Schikanen um Autofueren ze hënneren.

D'Gemeng soll beim Erhale vu wäertvoller Bausubstanz hëllefen, an net d'Renovéieren an d'Baue mat iwwerspëtzte Reglementer onméiglech maachen.

D'ADR verdeedegt de Choix vum Bierger a säi Recht, säi Liewen an eventuell säi Betrib no beschtem Ermoossen ze féieren.

30 Fudder Waasser gratis op de Kapp géint deier „gréng“ Gemengepolitik

Schonn e komescht Gefill, wann ee mueres frei d'Leit mat hire Grompereschiele gesäit ëm d'ëffentlech Dreckskëscht schläichen ... Dreck ass e richteg deiere Spaass ginn. A wie seng deier bezuelte Poubelle méi dacks virun d'Dier setzt, muss nach méi bezuelen. Duerfir entsuerge Leit hir Reschter ëmmer méi dacks an d'ëffentlech Dreckskëschten, déi dann och séier voll sinn, esou datt d'Leit net wësse wouhi mat deene Saachen, déi daags iwwer esou ewech ze geheie sinn, wann ee net doheem ass.

Gewosst ass, datt praktesch all zweet eleng erzéiend Mamm de Risiko huet, an d'Aarmut ze falen. Wéi esou eng Mamm mat zwee klenge Kanner an engem entspriechende Verbrauch u Wëndelen iwwer d'Ronne soll kommen, wann eis Gemeng hir bei der Poubelles-Tax esou déif an d'Täsch fiert?

Un deem Beispill erkennt een, wéi ongerecht déi Gemengentaxe sinn. Si treffe jiddereen d'nämmlecht, deen, de sech et ka leeschten an esou Zommen aus dem Aarm rëselt, awer och deen, deen all Mount Problemer huet, fir iwwer d'Ronnen ze kommen. Dat ass genee wéi d'TVA, déi och den Ënnerscheed net mécht, ob deen deen akeeft, räich oder aarm ass. Dës Taxen treffe jiddereen d'nämmlecht, awer si dinn deenen enge méi wéi wéi deenen aneren.

Et war ni esou, datt d'Leit Problemer haten, fir d'Rechnunge vun der Gemeng ze bezuelen. Et ass awer esou, datt d'Taxepolitik an eng Richtung gaangen ass, datt d'Leit ëmmer méi déck Rechnunge kritt hunn. No enger grénger Iddi sollten d'Leit reell bezuelen, wat e Gemengeservice kascht. Dat onofhängeg dovun, datt vill Gidder a Servicer, déi d'Gemeng eis verkeeft, jo net der Gemeng gehéiere mee ... och all deene Leit, déi et deier musse bezuelen.

Gréng wierkt ... op de Portmonni!

Zum Beispill d'Waasser, wat ee fréier selwer un eng Quell siche gaangen ass. Parallel sinn ëmmer méi streng Riichtwäerter festgesat ginn, déi d'Liwwerung vun extra propperem Waasser och ëmmer méi deier gemaach hunn. Allerdéngs ass d'Waasser och ëmmer méi belaascht ginn a war méi schwéier drénkfäerdeg ze maachen. Dat war awer net d'Schold vun all Mënsch, mee all Mënsch muss haut fir déi deier Filteranlage bezuelen.

D'ADR setzt hei un an zwar mat enger sozialer Approche.

Eis Iddi fir all Mënsch fir d'éischt emol 30 Fudder (30.000 Liter) Waasser am Joer gratis ze ginn an de Waasserverbrauch, deen doriwwer eraus geet, progressiv gestaffelt ze taxéieren, mécht genee dat. Dat Gratis-Waasser geet ongefëier duer fir de Verbrauch fir d'perséinlech Hygiene ze decken. Wat elo am Stot nach ufällt fir Kachen a Botze kascht e vernënftege Waasserpräis.

30 Fudder gratis Waasser fir jidfereen

Wien allerdéngs all Dag e Riesegaart netzt (ouni Reewaasser duerfir ze sammelen), wien all Dag Trëttoir, Gaardemauer a viischt Trapp ofsprëtzt an den Auto wäscht an eventuell och nach eng grouss Schwämm hannert dem Haus huet, muss sech bewosst sinn, datt dee Luxus op d'Waasserrechnung schléit esou bal säi Verbrauch iwwer dem Sockel läit.

- **D'ADR setzt sech a fir de Bierger!**
- **D'ADR denkt an handelt sozial!**
- **Bei der ADR geet d'praktesch Approch iwwer all blann Ideologie.**

D'ADR ass géint Dirigismus iwwert de Portmonni: Mir sinn do fir dem Bierger ze hëllefen, an net fir de Bierger mat deieren Taxen ze strofen. Mir halen eis net fir de d'Schoulmeeschter vum Land

... an ënnerscheeden eis domat vun allen aneren Parteien.

D'Regierung reift sech d'Hänn!

Ass Iech eigentlech opgefall, datt de ganze Summer, an elo nach bis an den Hierscht iwwerhaapt net vun eiser Regierung geschwat ginn ass? Bei hirem Beléiftheetsgrad wäert Gambia doriwwer awer och net rose sinn. Esou Gemengewale sinn dach och d'Geleeënheet, fir Gambia ze weisen, wéi beléift d'Regierung ass.

Tatsächlech steet d'Regierung och an dëse Gemengewalen zur Wiel: Et sinn déi nämmlecht Parteien, déi d'TVA erhéicht hunn, déi an de leschte Joren ënnert ecologesche Virwänn och un de Gemengentaxe gedréit hunn, bis vill Leit et bal net méi packen.

Et ass déi nämmlecht Regierung, déi op Wuesstem schwiert, an deenen hir lokal Politiker d'Infrastrukturen net méi an der Rei gehale kréien a keng bezuelbar Wunneng an hirer Gemeng kënne presentéieren. Wann d'Gemengen am Verkéier erstécken, läit dat un deem Wuesstem, deen d'Regierungsparteie mam bloe Finanzminister a mat de Gambia-Lokalpolitiker an der Chamber feieren. An de grénge Transportminister kritt de Chaos net an de Grëff.

Et ass d'Gambia-Regierung, déi d'Stied forcéiert, ëmmer méi Awunner ze hunn an och dat leschte Stéck Gewan zouzebauen fir méi Suen ze kréien. Net nëmme schued d'Politik de Landgemengen, mee si mäscht d'Haaptstad an d'Gemenge ronderëm an och grouss Südgemengen, well si wuessen, obwuel déi haut schonn éischter zevill Awunner hunn, wéi net genuch.

Wann also DP, LSAP an Déi Gréng Iech dat Blot (oder dat Rout oder dat Gréngt) vum Himmel verspriechen oder sech iwwert den Zoustand an der Gemeng bekloen a soen, si kéinten awer net duerfir, denkt drun, datt si an hir Parteien an der Chamber déi Politik matdroen, déi hei am Land d'Problemer mécht!

De Picky seet:
Gréng wierkt... ganz besonnesch am Portmonni, z.B. mat vill Erhéijunge vun den Taxen, sou wéi fir d'Dreckskëschten. Oder mat méi héije Präisser fir den ëffentleche Verkéier. Am Land an an der Stad.

Walprogramm (Lëtzebuergesch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_l/

Wahlprogramm (Deutsch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_d/

Programme électoral (Français)
- https://adr.lu/alternativ_2017_f/

Election program (English)
- https://adr.lu/alternativ_2017_e/

Programa eleitoral (Português)
- https://adr.lu/alternativ_2017_pt/

adr-
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

D'Alternativ fir Diddeleng!

Lëscht 6

Haas Vic
71 Joer
Gemengeconseiller

Block Maggy
63 Joer
Hausfra

Bouchard Guy
61 Joer
Apdikter

Bouchard-Kaspar Sandra
49 Joer
Chargée de Cours

Büchler Maurice
63 Joer
Pensionéiert

Contins Antonio
36 Joer
Fräiberuffler

Dos Santos João
70 Joer
Pensionéiert

Fernandes de Almeida Helena
56 Joer
Vendeuse

Freitas da Costa Julia
57 Joer
Serveuse

Gibéryen Alain
47 Joer
Salarié

Kaysen Jean
61 Joer
Pensionéiert

Kraemer Pierre
59 Joer
Handwierker

Lauer Willy
47 Joer
Salarié

Mich Sandra
43 Joer
Hausfra

Neto João
49 Joer
Invaliderentner

Schmit Michèle
53 Joer
Salariée

Turmes Manuel
56 Joer
Staatsemployé

Villwock Bernard
69 Joer
Pensionéiert

Ziger Eugène 77 Joer
Pensionéiert

D'Alternativ fir Är Gemeng!